N°3500
Entrée le 02.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Gemeinsam Äntwert vun der Justizministesch, Elisabeth MARGUE, a vum Aarbechtsminister, Marc SPAUTZ, op d'parlamentaresch Fro n°3500 vum 21. Januar 2026 vun den honorablen Deputéierten, Dan HARDY an Michel LEMAIRE, betreffend de juristesche Suiten bei Arbechtsaccidenter « Suites judiciaires des accidents du travail ».**

1. **Wéi vill Procès-verbauxen huet d'Justiz zanter 2020 vun der ITM iwwermëttelt krut, déi am Zesummenhang mat Aarbechtsaccidenter erstallt goufen?**

Vun Ufank 2021 bis Enn Januar 2026 huet d'ITM am Ganze 464 Procès-verbauxen un d'Justiz iwwermëttelt. Dës Zuel setzt sech follgendermoossen zesummen:

| Joer | Unzuel vu Procès-verbauxen |
|---|---|
| 2021 | 52 |
| 2022 | 14 |
| 2023 | 145 |
| 2024 | 116 |
| 2025 | 130 |
| 2026 (bis den 31.01.) | 7 |

2. **A wéi ville Fäll ass zanter 2020, nodeems de Procès-verbal un d'Justiz iwwermëttelt gouf, den Dossier vun der Justiz ouni Suite clôturéiert ginn? A wéi ville Fäll ass den Dossier mat enger Verwarnung un den Employeur ofgeschloss ginn? A wéi ville Fäll ass den Dossier duerch en „Jugement sur Accord" ofgeschloss ginn? A wéi ville Fäll huet den Dossier zu enger penaler Verurteelung gefouert?**

Déi Tableauen heidrënner resuméieren déi disponibel Zuelen. Et ka sinn, dass ee Procès-verbal ee Joer erakomm ass, an awer réischt dat Joer drop traitéiert gouf.

*Classéiert Affairen Ad Acta an Avertissementen[1]:*

| | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 |
|---|---|---|---|---|---|
| Affaires classées Ad Acta | 41 | 39 | 59 | 56 | 42 |
| Dont affaires ayant fait objet d'un avertissement | 0 | 0 | 0 | 2 | 3 |

[1] *Par année de l'événement Ad Acta.*

*Inscriptiounen am Casier judiciaire*[2]*:*

| | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 |
|---|---|---|---|---|---|
| Inscriptions | 0 | 0 | 0 | 0 | 4 |

Wat déi niddreg Unzuel u Verurteelunge betrëfft, ass drop hinzeweisen, datt hei ausschliisslech definitiv Urteeler berécksiichtegt ginn, déi coulées en force de chose jugée sinn, also rechtskräfteg.

Verschidde Prozedure befannen sech och nach an der Enquête- oder Instruktiounsphas. An aneren Dossiere ginn zwar schonn Urteeler, dës sinn awer nach net definitiv oder sti kuerz virun enger Citatioun virun d'Audienz.

**3. Wéi oft huet de Ministère public den Aarbechtsminister an den Direkter vun der ITM iwwert d'Suitë vun de Procès-verbauxen informéiert, ewéi et am Artikel L.614-12, Punkt (4) vum Code du Travail virgesinn ass?**

An 34 Fäll huet de Ministère public d'ITM iwwert d'Suitë vun de Procès-verbauxen informéiert.

**4. Falls dës Informatioun net systematesch weidergeleet gëtt, wéi erkläert d'Justizministesch d'Ausbleiwe vun enger konsequenter Kommunikatioun ?**

Et besteet e reegelméissegen Austausch tëscht de Parqueten an der ITM. Vun dësem Joer u kritt d'ITM och all Joer eng Lëscht vun allen Affären zougestallt, an deenen si e Protokoll opgeholl huet, an dat vun deenen zwee Parqueten.

Lëtzebuerg, den 2. Mäerz 2026

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue

[2] *Par année de décision coulée en force de chose jugée.*